N° 5578
Reçue le 26.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.01.2022

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Januar 2021

Här President,

sou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Edukatioun, Kanner a Jugend weider ze leeden .

Am Mee 2020 huet an Däitschland e Fall schockéiert vun engem klenge Meedchen, dat vun senger Educatrice esou schwéier mësshandelt gouf, dass et u sengen Verletzungen verstuerwen ass.

An Däitschland huet d'Bundesarbeitsgemeinschaft «Mehr Sicherheit für Kinder e.V.» eng representativ Ëmfro lancéiert, déi d'Direktiounen vun Crèchen befreet, ob an wéi heefeg se «verletzendes Verhalten» an hiren Raimlechkeeten wouergeholl hunn. 20 % hätten «heefeg» uginn.
Et hätt een festgestallt datt ënner anerem Stress an Iwwerfuerderung vun den Educateuren/tricen Schold un dësem Verhalen wieren. Esou géif et un Personal feelen, d'Gruppen vu Kanner déi ob een/eng Educateur/trice kommen wieren ze grouss. Och hätt ee festgestallt datt et heiansdo un Fachlechkeet géing feelen. Eng Ausbildung zum Thema «feinfühliger Umgang mit Kindern und Kinderschutzkonzepte» ginn elo ob d'Been gestallt.

Och wann esou Fall vun «verletzendes Verhalten» sécherlech schlëmm Ausnamefäll duerstellen, wéilt ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung mir matdeelen wéi vill Fäll un «verletzendem Verhalten» et déi lescht Joren an eise Crèchen gouf? Gin et dozou Statistiken ?
- Falls net, huet d'Regierung och Wëlles esou eng Ëmfro bei den Crèchedirektiounen ze maachen ?
- Falls jo, an am Fall wou esou e Verhalen festgestallt gouf, wat sinn d'Grënn dofir ? Läit et och un Iwwerfuerderung an Stress duerch Manktem u Personal?
- Wat gesäit d'Regierung vir an deem Fall ze maachen ? Plangt d'Regierung och eng Ausbildung zum Thema «feinfühliger Umgang mit Kindern und Kinderschutzkonzepte» an ze féieren ?

Här President, ech bieden Iech main déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5578 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Spautz**

**Ad 1)**

Wat d'Crèchen ubelaangt, huet et sech bei fënnef Reklamatiounen, déi den Educatiounsministère (MENJE) zanter 2019 erakrut, ëm en direkte Verdacht vu verletzendem Verhale vun engem Mataarbechter oder Gestionnaire gehandelt. D'Prozedur gesäit an dësem Fall vir, datt de Parquet, den hei zoustänneg ass, informéiert gëtt.

**Ad 2)**

Eng Ëmfro ass de Moment net geplangt. De MENJE setzt hei virun allem op Präventioun. Eng breedugeluechten Informatioun a Sensibiliséierung vum Secteur steet am Vierdergrond. Sou ass op Initiativ vum Educatiounsministère mam Justiz- a Gesondheetsministère d'Brochür *Maltraitance des Mineurs, procédures à suivre par les professionnels de l'enfance et de la Jeunesse* veréffentlecht ginn. Hei sinn d'Prozedure festgeluecht, déi déi Professionell, déi a Kontakt mat Kanner a Jugendlechen sinn, anhale sollen, wa si Verdacht op Mësshandlung vun engem Kand hunn, ob d'Faite privat oder am institutionelle Kader stattfonnt hunn.

**Ad 3)**

D'Grënn fir e verletzend Verhale kënne villschichteg sinn.

Zu de genaue Grënn kann de MENJE keng Ausso maachen, wéil d'Zoustännegkeet an dësem Fall beim Parquet läit. Ze bemierken ass, datt d'Personal aus dëse Strukturen dem MENJE net direkt ënnersteet. D'Servicer gi vu privaten oder ëffentleche Gestionnairë verwalt. Hei ass et um Gestionnaire, favorabel Aarbechtskonditiounen ze schafen, déi dem Personal erlaben, säin non-formale Bildungsoptrag beschtméiglech ëmzesetzen.

**Ad 4)**

Am nationale *Bildungsrahmenplan* vun der non-formaler Bildung, deen seng gesetzlech Basis am modifizéierte Jugendgesetz vun 2008 huet, ass festgehalen, datt d'Personal e respektvollen, net gewaltsamen an altersgerechten Ëmgang mat de Kanner ze huelen huet. Et gëtt hei ënnert anerem och e Kapitel iwwer d'Kannerrechter, wou ënnerstrach gëtt, datt all Kand géint Gewalt muss geschützt ginn.

Weiderbildungen an deem Beräich ginn et schonn zanter enger Rei Joren an dës ginn och reegelméisseg ugepasst. Hei gëtt eng grouss Wichtegkeet op d'Haltung vum Erzéier geluecht. Am Beräich vun der non-formaler Bildung ass eng reegelméisseg Weiderbildung vun alle Persounen, déi mat de Kanner schaffen, verpflichtend.

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH